DEMOKRATESCH PARTEI

Réiser

NEWSLETTER

VUN DER SEKTIOUN RÉISER

Foto (v.l.n.r.): Andreja Ciglar (Béiweng), David Ulbrich (Bierchem), Liliane Da Silva (Léiweng), Yannick Ries (Krautem), Elvis Smailovic (Peppeng), Jeannot Kirchen (Krautem), Sandra Flammang (Bierchem), Michel Schütz (Krautem), Fabrice Pompignoli (Krautem)
Op der Foto feelen: Laurent Münster (Kockelscheier), Brigitte Pochon (Kockelscheier)

EISEN NEIE COMITÉSMEMBER AM PORTRAIT – DEN DR. LAURENT MÜNSTER

Ech schaffen als Anesthestist-Reanimateur am Spidol um Kierchbierg a fueren um SAMU. Doriwwer eraus sinn ech *Maître de stage* an der Anesthesie an an der Reanimatioun op der Uni zu Saarbrécken, effektive Member vum *Collège Médical* a Sekretär vum *Cercle des Médecins Anesthésistes du Grand-Duché de Luxembourg* (CMARL).

Meng Hobbye si Schwammen, Velo a Golf.

roeser.dp.lu

EIS MEMBEREN AUS DEM GEMENGEROT - WAT EIS UM HÄERZ LÄIT

Sandra Flammang ***Fabrice Pompignoli***

Eng responsabel an effizient Wunnraumentwécklung ass méi wéi jee noutwenneg. D'Intensivéierung vum Bau muss awer mat der Liewensqualitéit vun den Awunner, mam Ëmweltschutz a mam Schafe vun Aarbechtsplazen a vu Geschäfter vereenbar sinn.

D'Reguléierung vun eisem Stroosseverkéier an d'Reduzéierunge vun den domadder verbonnene Belaaschtunge sinn eis wichteg. Mir setzen eis fir eng besser Organisatioun vum Stroosseverkéier an. D'Belaaschtunge musse reduzéiert ginn.

D'Moyene fir d'Betreiung an d'Erzéiung vun eise Kanner si primordial fir hir eis Zukunft.

D'Integratioun vun den Awunner an d'Inclusioun vu Leit mat enger Behënnerung si fir eis onverzichtbar fir e gutt Zesummeliewen. Grad ewéi d'Bedeelegung vun allen Awunner um Liewen an eiser Gemeng.

Wann dir soss Themen hutt, déi iech um Häerz leien, zéckt net a schreift eis op **roeser@dp.lu**

ELVIS SMAILOVIĆ –
PRESIDENT DP RÉISERBANN

Mäin Numm seet iech, datt ech, ewéi vill aner Matbierger, e Migratiounshannergrond hunn. Meng Famill ass 1992 am Yugoslawiekrich op Lëtzebuerg komm, wou ech als klenge Bouf eng nei Heemecht fonnt hunn.

Zënter 2021 sinn ech President vun der DP-Sektioun Réiser. Meng Kärkompetenzen als Bauingenieur leien an den Beräicher Bau, Immobilien an Urbanismus.

Ech si Papp vun 2 méi klenge Kanner, déi an d'Krautemer Schoul an an d'Bierchemer Crèche ginn. Als Familljemënsch, dee mat enger Enseignante aus eiser Gemeng bestuet ass, leie mir natierlech d'Educatioun an d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff extra um Häerz.

Zënter ville Jore sinn ech och e passionéierte Fussballspiller a Gittarist.
E korrekten Ëmgang matenaner an d'Solidaritéit an eiser Gesellschaft si fir mech essentiell Valeure vun eiser Demokratie.

INVITATIOUN OP ENG CHAMBERSVISITT

D'Réiser DP invitéiert iech häerzlech op eng Chambersvisitt mat eisen dräi Süddeputéierte MAX HAHN, GUSTY GRAAS a PIM KNAFF

E MEINDEG, DE 6. FEBRUAR UM 18:00 AUER.

Dir kënnt iech bis den 3. Februar op roeser@dp.lu umellen.
Mir freeën eis, fir iech ze gesinn.

ÄR MANDATAIREN AM BEZIERK SÜDEN

Claude Meisch
Bildungsminister

Gusty Graas
Deputéierten

Max Hahn
Deputéierten

Pim Knaff
Deputéierten

#GËFFMEMBER

Schreif dech an op
member.dp.lu



Demokratesch Partei
2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg
Tel: (+352) 22 10 21

PRINTED IN LUXEMBOURG